



Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit biede mir Iech dës parlamentaresch Fro iwwert d'Kontroll vu Mëllech un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeginn.

Laut eisen Informatiounen gëtt d'Konventioun vum 3. Juni 1994 tëscht der Regierung an der Luxlait iwwert dei offiziell Kontroll vu Réi-Mëllech op den 3. Juni 2018 opgeléist.

An deem Kader, wollte mir dem Här Landwirtschaftsminister dës Froe stellen :

- Kann den Här Minister eis déi virgenannt Informatioun bestätegen ?
- Wa jo, firwat gëtt des Konventioun dat nächst Joer opgeléist ?
- Ween muss elo d' Käschte vum Kontroll vun der Mëllech iwwerhuelen?
- Wéi eng finanziell Méibelaaschtung kënnt duerch des Decisioun op eis Betriber duer ?

Här President, mir bidden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Marco Schank

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Dossier suivi par : M. André VANDENDRIES
TéL. : 247 82529

Réf.: 437/17

Monsieur Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le
Parlement

Service Central de Législation
LUXEMBOURG



Luxembourg, le 24 juillet 2017

Objet: Question parlementaire n° 3132 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN



Réponse de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 3132 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marco Schank

Déi honorabel Deputéierten adresséieren eng Fro un de Landwirtschaftsminister iwwert d'Opléisung vun enger Konventioun vum 3. Juni 1994 tëschent der Regierung an der Luxlait am Kader vun der offizielle Mëllechkontroll.

Ech erlabe mer, fir t'éischt drop hin ze weisen, datt esou eng Konventioun net nëmme mat der Luxlait, mä, an dat am Sënn vun der Gläichbehandlung vun alle lëtzebuurger Molkereien, déi hir Mëllech am Kader vun der offizieller Mëllechkontroll an de Laboen vun der ASTA analyséiere loossen, mat allen interesséierte Molkereien ofgeschloss gouf.

Dës Konventiounen haten engersäits den Zweck, fir eng Rei technesch Virgaben ze definéieren an anerersäits e pauschale Betrag vu knapp 5.000 € pro Joer pro Molkerei als Beitrag op den Transportkäschten ze bezuelen. Dëse Betrag gouf iwweregens 1994 op 200.000 Frang fixéiert a gouf zanterhier ni adaptéiert.

Well dëse Betrag aus verschiddene Grënn net méi kann ausbezuelte ginn, gouf décidéiert d'Konventiounen mat alle Molkereien op den Datum vum 3. Juni 2018 op ze léisen.

Et bleift awer dobäi, datt sämtlech Analysen, déi am Kader vun der offizieller Mëllechkontroll am Laboratoire vun der ASTA gemaach ginn, weiderhin, wéi bis elo, vum Landwirtschaftsministère iwwerholl ginn.

Déi technesch Froen, déi bis elo an där Konventioun geregelt waren, wäerten an Zukunft bilateral tëschent der ASTA an de Molkereie geléist ginn.

Et gëtt keng finanziell Méibelaaschtung vun de Mëllechproduzenten, well de Montant vun 5.000€ pro Joer direkt d'Molkereien ausbezuelte ginn ass.

All déi betreffen Acteuren gi souwuel individuell wéi och iwwer Communiqué doriwwer informéiert.